- 1 Schüler huet uginn hie géif Gebäerdesprooch schwätzen, hie war vun der Grupp, déi no der éischter Stonn iwweregbliwwen ass, deen eenzegen, deen uginn huet Gebäerdesprooch ze beherrschen. Heiops huet een aner Kand gesot, datt dése Schüler och schonn emol an der Paus gedolmetscht hätt, wann et néideg war.
- D'Schüler waren sech relativ eens, dass een zu Létzebuerg virun allem Létzebuergesch, Franséisch, an Däitsch bräicht; dass awer och Portugisesch, Italienesch, an Englesch wichteg Sprooche wieren.
- D'Schüler hunn uginn, an der Schoul géing Létzebuergesch, Däitsch a Franséisch geschwat ginn, si géifen awer haapsächlech op Däitsch an op Létzebuergesch kommunizéieren.
- Déi meeschte Schüler wollten Englesch léieren, a Verschiddener fannen dës Sprooch méi einfach wéi Franséisch.
- Ee Kand wollt léiwer Portugisesch léieren.
- Aner Kanner wollte léiwer Italienesch an/oder Spuenesch léieren. Dës Sproochen wéilte si och schreiwe kënnen.
- An der Paus schwätzen d'Schüler hiren eegenen Aussoe no Létzebuergesch oder Däitsch, mee och Portugisesch.

### **Strassen – Centre de Logopédie (CL) – 15.03.2023 (9 Kanner)**

#### **Sprochepräferenzen, Fächersproochen, Methode vum Sproocheléieren, Sproochbiografien a Sproochverhalen**

**Englesch léiere si haapsächlech iwwert d'Tëlee a Youtube.**

- D'Kanner aus dëser Klass sinn all méisproochege, an hunn uginn follgend Sproochen ze schwätzen: Brasilianesch, Lëtzebuergesch, Däitsch, Franséisch, Englesch, Flammännesch, Arabesch, Rumänesch, Angolanesch (Portugisesch), Spuenesch, Japanesch.
- "Ech wëll méi fréi Englesch léieren" → De Schüler huet gemengt, dëst wier besonnesch an der Vakanz wichteg. Dat selwecht gouf iwwert d'Spuenescht gesot.
- Verschidde Schüler hunn uginn, dass si, andeems si op Däitsch alphabetiséiert gi sinn, och konnte léieren aner Sproochen mat hire Famillen iwwert Whatsapp ze schreiwen.
- Déi meescht Kanner hunn uginn, si géifen iwwer Whatsapp mat Frënn a Famill schreiwen, an hätten och an der Klass Whatsapp-Gruppen iwwert déi si matenee géife schreiwen.
- D'Kanner hunn uginn, si géifen ausserhalb vun der Schoul Sproochen iwwert d'Télee, Spiller, an Apps léieren. Och doduerch, dass si doheem mat der Famill géinge schwätzen oder Filmer géinge kucken.
- Ee Kand huet uginn, net gären op Däitsch ze liesen, an dëst langweileg ze fannen.

### **Warken – Centre pour le développement intellectuel (CDI) – 14.03.2023**

**(7 Kanner)**

#### **Erfarungen a Gefiller**

##### **Wéi fills du Dech mam Lëtzebuergeschen?**

- Manchmal einfach, manchmal schwer zu verstehen und zu reden
- Einfach (**x6**)

##### **Léiers De gären Däitsch a Franséisch?**

- Ja, beide (**x3**)
- Deutsch Ja
- Französisch Ja, Deutsch Nein (**x2**)
- Weder Noch, Lieber Englisch

##### **Fënns Du déi Sprooche wichtig?**

- Ja (**x7**)

##### **Wéi eng Sprooch schwätzt Du am Schoulhaff?**

- Luxemburgisch (**x5**)
- Luxemburgisch, manchmal Portugiesisch (**x2**)

##### **Ginn och aner Sproochen an de Pausen geschwat?**

- Ja, Englisch

##### **Wéi eng Sprooch schwätz Du doheem?**

- Luxemburgsich (**x4**)
- Luxemburgisch, Französisch, Portugiesisch, Deutsch

- Portugiesisch, Französisch
- Portugiesisch

### **Schwätz Du Deng Mammesprooch an der Schoul?**

- Manchmal (**x2**)
- Ja (**x4**)
- Nein

### **Op wéi eng Kommunikatiounsmëttel gräifs Du nach zeréck?**

- Die Sprache (**x6**)
- Ja Und Nein-Kärtchen, Notizzettel

### **Alphabetisierung an der Schoul**

#### **Fénns De et gutt, dass De Liesen a Schreiwen op Däitsch léiers?**

- Ich hätte lieber Französisch gelernt, weil Mama und Papa auch Französisch reden (**x3**)
- Ja Deutsch ist ok (**x4**)

#### **Wat huet Dir beim Lieseléieren gehollef?**

- Ganze Wörter lesen (Bliwo) (**x3**)
- Ganze Wörter (Globale Worterkennung)
- Wörter in blau/rot lesen (Silbenlesen) (**x3**)
- Anton (**x4**)
- Klassenbibliothek (**x4**)
- Bilder (Piktogramme)
- Aufgaben im Wochenplan (Lese-Mal-Blätter, Richtig Oder Falsch)

#### **Wéi eng Sprooch schwätz Du an de verschiddene Schoulfächer?**

- Deutsch und Luxemburgisch

## 5. Theema ,Kleng a grouss Iwwergäng an der Schoul'

### 5.1. D'Virbereedung duerch d'Grondschoul an Iwwergang an de Lycée

#### Belval, Kannercampus (Cycle 4.2) – 07.02.2023 (20 Kanner)

- Wir könnten ab dem 5. Schuljahr zwei Mal pro Monat den Klassensaal wechseln (so wie im Lycée all Dag).
- Dass wir mehr die Lyzeen anschauen gehen.
- Statt Épreuven wären die Tests von der 7ième besser.
- Die Lehrer könnten 4 Lycées wählen und dann wählen wir eins von den 4 und gehen dahin für 2-3 Tage.
- Je veux que les trimestres et sémestres ont les mêmes jours de vacances.
- Toutes les écoles semestres à cause des jours libres.
- Pour qu'on peut se préparer pour le lycée c'est d'appeler le professeur "Madame" ou "Monsieur".

#### Kläppereien

- Ech hunn Angscht wéinst Klapp!
- T'ass vill Klapp am Lycée.
- Ich will, dass die anderen Lycées-Schüler in einer anderen Schule sind, damit die neuen keine Schläge bekommen.

#### De Schoulwee

- Qu'on doit courir de A jusqu'à B et on a 3 ou 2 minutes (maintenant).

#### Bertrange (Cycle 4.1) – 06.07.2022 (14 Kanner)

- Vill Schüler freeë sech op de Lycée
- Lycée: Angscht vu méi ale Schüler gemobbt ze ginn, Angscht virun Aggressivitéit a Violenz
- Orientatioun
  - Vill Kanner aus der Klass denke schonn dorun, dass si enges Daags wäerten oder kéinte studiéiere goen, an dass si dofir gutt musse schaffen.
- Lycée: Angscht virun Drogen a Kriminalitéit
- Lycée: et gëtt èmmer méi schwéier am Lycée, et ass awer den néidege Wee fir e Beruff ze kréien.
- Verschidde Lycéeën: fir Sport, fir Mathé, fir iPad, Technologie, Schreiwen ...

**Bertrange – Centre pour le développement des compétences relatives à la vue (CDV) (8-13 Joer) – 28.03.2023  
(3 Kanner)**

Post-its	Diskussioun / Remarken
	Ee Schüler huet uginn, hie géif haapsächlech no laangen Deeg an d'Maison relais goen, fiert awer och heiansdo vun der Schoul an den CDV an dann an eng Maison relais (besicht also reegelméisseg 3 Strukturen am Dag).
	De Schüler huet uginn, et géif eng Maison relais, mee dass och am Schoulgebai géifen Aktivitéiten vun der Maison relais duerchgefouert ginn.
Wa mir an de Lycée kommen, kréie mir déck vill Hausaufgaben a schaffe vill, mee och vill mat Kolleege schwätzen.	Virstellungen vum Schüler
Am Lycée kritt ee vill Hausaufgaben a wann een se net fäerdeg kritt, mécht een se doheem.	Erwaardunge vum Schüler
Ech hat Angscht, ech géing net matkommen, mee et geet awer, just an der Mathé ass et schwéier fir nozekommen.	Dës Schülerin ass am éischte Joer Lycée.

## Clervaux – Centre pour le développement intellectuel (CDI) – 17.03.2023 (9 Kanner)

### Hues Du doheem schonn doriwwer geschwat, wat no der Schoul kënnt?

- Nee ech hunn nach net doriwwer geschwat
- Nee nach net driwwer geschwat
- Nein
- Nein habe noch nie darüber gesprochen
- Ja habe schon darüber gesprochen arbeiten zu gehen in den Lëlljer Gaart
- Mat den Elteren driwwer geschwat: Villäicht de Führerschäin ze man an dono schaffen ze goen
- Ja ich habe mit meinen Eltern darüber geredet und würde gern am Ponts et chaussées arbeiten
- Jo ech wëll an den Lycée an no der Schoul bei ee Bauer schaffe goen
- Jo mir hunn schonn driwwer geschwat, dass ech duerno schaffen ginn

## Differdange (Cycle 4.1) – 08.02.2023 (15 Kanner)

### Wéi stells Du Dir de Lycée vir?

**Kommentar vum Notetaker:** Mir kruten vun der Enseignante gesot, dass d'Kanner scho ganz virwëtzeg op de Lycée wieren an e puer Kanner scho gefrot hätten, fir méi iwwer de Lycée gewuer ze ginn (Wéi gesäit et do aus? ...). Am Atelier hu mir d'Kanner du gefrot, wat si dann schonn iwwert de Lycée wéissten.

Post-its	Diskussioun / Remarken
Riesig  Ein bisschen schwieriger  Sehr schön  Mehr Fächer	E puer Kanner soten, dass d'Gebai vill méi grouss wier.
Die Pause ist länger  Ein fester Stundenplan  Eine riesige Turnhalle  Ein riesiges Schwimmbad	Fester Stundenplan: Am Fondamental ass dëse jo nach méi flexibel. Am Lycée wier dat net méi de Fall.

<p>Wir machen mehr Fächer</p> <p>Du gehst nicht in die Maison relais, sondern in die Kantine.</p> <p>Wir können alleine mit dem Bus gehen.</p> <p>Ich bin älter.</p> <p>Es werden mehr Kinder da sein.</p> <p>We will have a locker.</p>	<ul style="list-style-type: none"> <li>Ee Kand huet sech dorobber gefreet, fir dann mam Bus können ze fueren. Dëst Kand geet am Moment zu Fouss an d'Schoul.</li> <li>Eenzel Kanner hunn d'Virstellung flott fonnt, dann méi al ze sinn</li> </ul>
<p>Ech mengen et gëtt vläicht méi schéin, mee ech mengen och, dass et eng Etapp ass vu mengem Liewen an ech sinn zefritten.</p> <p>Ech ginn méi al an et wäert anescht sinn.</p> <p>Méi e grousst Gebai.</p>	
<p>Je trouve le lycée cool parce qu'on a une armoire pour nous tous seul.</p> <p>Bus</p> <p>Plus dur la matière</p>	<p>Bus = et muss een de Bus huelen, fir dohinner ze kommen</p>
<p>Je trouve cool le lycée parce qu'on a une armoire seulement pour nous.</p> <p>Bus</p> <p>Grand</p> <p>Fächer</p>	<p>Bus = et muss een de Bus huelen, fir dohinner ze kommen</p>
<p>Je pense qu'au lycée c'est cool : ils ont plus de pause, des grands casiers, de très grandes classes, des matières cool, un grand gymnase</p>	
<p>Je pense aussi qu'il y a un grand restaurant pour manger je pense qu'il y a des profs. Des règles un peu plus strictes</p>	

<p>Wat wäert nei sinn: Retenuen, méi laang Vakanz.</p> <p>Do gëtt et eng Kantic a Casieren.</p> <p>Méi schwéier.</p> <p>Prüfungen si wichteg.</p> <p>Et geet een mam Bus oder Zuch an de Lycée.</p> <p>Méi Fächer</p>	
<p>Wir haben einen Spind.</p> <p>Wir haben Tablets.</p> <p>Wenn der Lehrer krank ist, haben wir frei.</p> <p>Kantine</p> <p>Pause</p> <p>Bus</p> <p>Groß</p> <p>Fächer</p> <p>Kinder</p> <p>Klasse</p>	Fächer = Méi a nei Fächer
Im Gymnasium hat man früher frei um nach Hause zu gehen und mehr Ferien.	
<p>Cool Sortien</p> <p>Net dat realt Liewen</p> <p>Englesch</p>	
<p>Méi streng</p> <p>Vill Reegelen</p> <p>Vill Sproochen, vill Fächer</p> <p>Vill Vakanz</p> <p>Telefon benotzen</p> <p>Mam Bus</p> <p>Richteg roueg sinn</p>	

Méi fréi heem  Méi schwiereg Saachen  Méi mam iPad schaffen	
Digital Saachen benotzen  Kantin  Méi Text  Méi schwierege Sport	
Lycée  Dräi Kategorien: Classique, technique, modulaire  Case fir mäi Material  Uniformen fir d'Klass  Strofen fir déi, déi sech net behuelen z. B.: 1 Dag doheem bleiwen, Retenue, et kann een eraus fléien.	
Ee feste Stonneplang  Et huet ee keng Maison relais.  Vill Jofferen.  Keen Ersatz.  Méi Fräizäit, wa mer séier schaffen.  Du muss 13 Joer schaffen.  Mir léieren nei Sproochen	

<p>3 Categorien: Technique, Modulaire, Classique</p> <p>Méi grouss</p> <p>Méi schwéier</p> <p>Et huet ee vill Fächer a Klassen (Physik, Biologie, ...)</p> <p>D'Paus ass méi laang</p> <p>Mir können den Handy an der Paus benotzen.</p> <p>Méi schéin</p> <p>Et huet een eng Kantin.</p>	
<p>Mir schaffen mam iPad.</p> <p>Mir maache schwéier Aufgaben.</p>	
<p>Méi iPad, méi schwéier Saachen, méi Aufgaben, méi schaffen, Bus, Zuch</p>	
<p>Physique, Chimie</p> <p>Englesch, Spuenesch</p>	

### Weider Kommentaren (vum Notetaker)

An den Diskussiouenen koum am meeschten raus, dass

- *d'Kanner et flott fannen, hir eege Case ze hunn (x5), och wann kee genau soe konnt, firwat.*
- *dass si hiert Wëssen iwwer de Lycée vu Geschwëster, Cousinen oder Klassekameroden hunn, déi Geschwëster am Lycée hunn.*
- *dass vill Kanner mengen, et gëtt méi schwéier an et muss ee méi léieren (x8).*
- *dass zwar gesot gouf, et géife méi an nei Fächer ginn, mee d'Astellung vun de Kanner net siichtbar negativ dozou geschéngt huet.*
- *dass e puer Kanner mengen/hoffen, se hätten méi laang Paus (x4).*
- *dass eng Rei vun de Kanner et flott fannen, dass si hiren Handy dann èmmer dierfe benotzen.*
- *dass bis op 1-2 Kanner kee schéngt de Lycée ze fäerten (zumindest soten se et net) a 5 Kanner sech op de Lycée freeën.*

## Echternach (Cycle 4.2) – 13.07.2022 (14 Kanner)

### Fills Du Dech prett fir de Lycée?

Post-its	Diskussioun / Remarken
Stress, vill méi Stress	<p>Wat d'Sproochen, d'Mathé, oder spezifesch Fächer ugeet haten d'Schüler keng Bedenken. Si hunn awer uginn, dass d'Aarbecht géif méi intensiv ginn.</p> <p>Déi meesch Kanner hunn sech op de Lycée gefreet, einzelner hu sech e bësse Suerge gemaach, konnten dës Suergen awer net a Wieder faassen. Et houng net mat spezifische Fächer zesummen, an och den Altersénnerscheed, d'Transitioun vum "gréisste Schüler am Fondamental" zum "klengste Schüler am Lycée" ware net d'Grënn firwat si sech géife Suerge maachen.</p>

## Ettelbruck (Cycle 3.2) – 22.03.2023 (16 Kanner)

- Lycée ass ustregend, et muss ee vill léieren
- Freet sech awer drop
- iPad-Klasse si cool
- Experimenter am Lycée si cool
- Vill Wiessel téschent de Säll
- Manner cool Pausen (kee Fussball méi)
- Changement vum Groussen zum Klengen
- Grouss Altersénnerscheeder

## Kirchberg (Cycle 3.2) – 12.07.2022 (17 Kanner)

- Nom Cycle 3 gi mer getrennt, dat ass guer net gutt, mir gesinn eis Frënn net méi, mer wëllen zesumme bleiwen
- Mathé misst op Franséisch ugebuede ginn (Virbereedung op de Lycée an méi einfach)

## Merl (Cycle 4.2) – 05.07.2022 (14 Kanner)

### Wat stellt Du Dir vir mat Bléck op dat, wat nom Fondamental kënnnt?

- Mehr Fächer, Meinungen sagen, mehr Aufgaben, Ateliers, Ausflug und schwere Tests.
- Wir gehen in eine größere Schule (+) und es wird schwerer (-).
- Op ee Coup ass een net méi bei deene Grousse, mee als 7ièmes-Schüler nees bei deene Klengsten. Et gëtt méi schwéier (+ -).
- L'école devient plus difficile et on ne reverra plus très souvent nos amis (-).
- Schule wird schwerer, ich werde nicht so viel Zeit haben (-), ich werde neue Freunde haben (+)
- Vill Frënn kennen ze léieren (+) an dass alles méi schwéier ass! (-)
- Aner Frënn, aner Leit (+). méi Léieren, schwéier schaffen, vill Aarbecht (-)
- Nei Kollegen kenne léieren (+)
- Leit kenne léieren an eng Frëndin hunn
- Mir ginn an de Lycée a léieren nei Frënn a nei Proffe kennen (+)
- Méi Léieren an ee komplett neien Ufank vu Null un! (+)
- E neit Kapitel am Liewen =) (+)
- Ich werde meinen Lehrer vermissen
- Gemeckers mat den Elteren, wann s du en Test énner 40 Punkten hues. Denken, dass 35 Punkten duerginn an denke net, eng 60 ze kréien.

#### Kommentaren vum Notetaker

- D'Schüler goufe gefrot, ob hir Aussoen fir si eppes Positives (+) oder Negatives (-) sinn.
- Dass et e neit Kapitel ass, gouf vun der Majoritéit als positiv ugesinn.
- Negativ war haapsächlech, dass ee sang al Frënn net méi geséich an dass ee méi schaffe misst
- Méi schaffen / léieren gouf a Relatioun mat engem bessere Beruff gesat, dat géing ee man, fir ee bessere Beruff ze kréien.

### Fills Du Dech prett fir de Lycée? Wa jo, firwat? Wa nee, firwat net?

- Nee, well ech si liddereg.
- Nee, well ech schwätze vill an d'Klass an hunn Angscht, dass ech (dofir) keng Frënn kréien.
- Ech menge nee, mee ech weess net wisou.
- Ja und nein, denn es ist ganz neu, aber ich fühle mich gut.
- Hallef, hallef. Jo, ech fille mech prett, well ech weess alles fir an de Lycée. Nee, ech fille mech net prett fir an eng aner Klass ze komme mat Leit, déi ech net kennen.
- Nein, weil es sehr schwierig ist, aber ja, weil du neue Freundschaften schließt.

- Hallef, hallef. Jo, ech freeën mech op déi nei Fächer a wëll de Challenge unhuelen. Nee, et wäert sech vill ännerner an ech wäert meng Frënn a mäin Herr Lehrer vermëssen
- Ja und Nein. Ja, weil wir kriegen viele neue Freunde und wir werden viele neue interessante Fächer haben. Nein, weil es sehr traurig ist, wenn alles sich sehr schnell ändert und wir vielleicht nie mehr die Personen sehen, die wir hier in der Schule kennengelernt haben.
- Jo, well den Herr Lehrer eis gutt virbereet huet.
- Oui, parce que Monsieur Ben nous a bien préparé.
- Ja, weil Herr Ben sagte, dass ich gut genug für das Lycée bin.
- Ja, weil ich normalerweise fast keine Fehler in den Aufgaben habe.
- Ja, weil ich keine großen Probleme in den Fächern habe.
- Ja, weil ich gute Noten in den Tests hätte.
- Ja, weil ich finde, dass ich gut in der Schule bin.

#### **Kommentaren vum Notetaker**

- Déi meescht soten, dass d'Virbereedung, déi si duerch hiren Enseignant kruten, gutt war. Op Nofro hin, wat dat heescht, soen si:
  - > Si hätten all Theema behandelt, wat fir de Lycée wichtig wier (z. B. Mathé, Bréch, Volumen) an den Enseignant hätt et gutt erklärt, esou dass si d'Saachen och verstanen hätten.
  - > Wann si eppes iwwert d'Vakanz géinge vergiessen, kéinte si jo och nach an hirem Material nokucken (sot eng Schülerin).
- De Volet vun de soziale Kontakter mécht hinne vill Ängscht a Suergen, si fäerten, herno keng Frënn ze hunn.
- Deelweis gouf och d'Ängscht do virdru geäussert, sech falsch ze entscheiden. Wat wier, wann ee wiessele wéilt? Dat huet sech z. B. op déi Momenter bezunn, wou een herno Fächer oder Sektionen wäert wiele können.
- Ënnert de genannte Wunschberuffer waren: Polizist, de Filmberäich, artistesche Beräich, Enseignant(e), Astronautin, Geschicht (Archeolog, Paleontolog), Geschichtsproff Programmierer, Generalist (Dokter), Pompjee
- Zesummegeholl gesinn 12/16 Schülerinnen a Schüler den Iwwergang an de Lycée als positiv, 6/14 als souwuel positiv wéi negativ an 2/14 gesinn dem Iwwergang negativ entgéint.

#### **Oberanven (Cycle 4.2) – 11.07.2022 (16 Kanner)**

#### **Fills Du Dech prett fir de Lycée?**

- Jo, ech fille mech prett fir an de Lycée.
- Yes, I feel like I'm ready.
- Jo, well ech eng nei Schoul gesinn.

- Jo, ech fille mech prett fir de Lycée, well ech mech freeën a mengen, dass ech vill Spaass wäert hunn.
- Jo, ech fille mech prett, well ech weess, dass déi Schoul, wou ech higinn wäert eng gutt Schoul sinn an dass d'Kanner l EIF sinn.
- Jo, ech fille mech prett fir den Athénée, well Leit mir gesot hunn, dass een do vill Frënn fënnt an et ee grousst Erliefnes ka sinn.
- Jo, well ech fannen, datt ech elo prett sinn an ech fannen, datt et elo réischt richteg mam Liewen ufänkt.
- Jo, ech fille mech prett, well ech Loscht hunn, dohinner ze goen.
- Jo, ech fille mech prett fir de Lycée, well ech nei Frënn wäert fannen an et anescht wäert ginn.
- Jo, ech fille mech prett. Ech stelle mir vir, dass mir vill méi léiere wäerte müssen, awer dass et eng cool Zäit wäert ginn.
- Ech fille mech prett, well ech dofir geschafft hunn a mengen, datt ech gutt virbereet sinn.
- Jo, well ech hei am 4.2 scho villes gesinn hunn an ech prett sinn. Ech hu schonn alles geléiert.
- Ja, ich fühle mich bereit, weil ich alles gelernt habe, was ich für den Start ins Lycée benötige. Ich denke, dass nachher im Lycée alles schwerer und strenger wird, aber es wird eine gute Zeit.
- Also jo, ech fille mech prett fir de Lycée. Ech mengen, dass ech relativ gutt geléiert hunn dësst Joer. Eis Jofferen hunn eis och gutt virbereet. Dann hunn ech Angscht, well et e ganz anere System ass.
- Yes pretty much, although I am kind of scared because of all the work we will have to do.
- Also System ass definitiv anescht, Programm an Léierwee bestëmmt och, wahrscheinlich wäert ech och méi am Zëmmer sëtzen oder iergendwou anescht fir ze léieren ewéi lo. Nervös sinn ech sécher.
- Jo, ech kennen och e puer Frënn, déi an de nämmlechte Lycée wäerte goen. Ech hunn nëmmen e bëssen Angscht, dass ech mech verléieren.

#### Kommentaren vum Notetaker

- Méi Aarbecht am Lycée = Méi Hausaufgaben & Tester.
- D'Tester sinn och méi schwéier am Lycée.
- Am Lycée misst ee sech méi druginn.
- Si waren all hir Schoul scho kucken a konnte sech hire Lycée raussichen.

#### Wat stells Du Dir vir, wat nom Fondamental kënnt? Wéi stells Du Dir de Lycée vir?

- E puer Wochen fir mech ze gewinnen (Kand mat Autismus).
- I think there will be lots of changes, people, subjects.
- Ech stelle mir vir, dass mir méi Hausaufgaben kréien a méi Tester.
- Ech mengen, datt et méi ustrengend wäert ginn, awer ech freeën mech.

- Ech stelle mir eng ustrengend Zäit vir mat vill schaffen a voller cooler Momenter.
- Ech muss méi schaffen; selwer lesse bezuelen; selbststänneg ginn.
- Ech mengen, dass een am Secondaire méi fir sech selwer oppassen muss an ee sech vill druginn muss.
- Vill Aarbecht an et huet ee net vill Pausen. Da muss een alles sou schnell maachen (*Kommentar: Dat Wëssen leet sech of vun deem, wat d'Geschwëster zielen, déi schonn am Lycée sinn*).
- Ech stelle mir vir, dass et bëssen méi schwéier gëtt. Mee ech mengen, wa mir méi Stonnen op Franséisch hunn, ginn ech besser a kann da schlussendlech gutt a fléissend Franséisch schwätzen.
- Ech mengen, ech wäert müssen méi léieren muss, awer et misst goen. Ech denke net vill drun. Ech kucken einfach, wat passéiert.
- Ech mengen, datt de Lycée cool gëtt an datt ech nei Frënn wäert kréien.
- Et fänkt eng aner cool Zäit un a mir hu bestëmmt och grad sou vill Spaass wéi an der Grondschoul.

#### **Kommentarer vum Notetaker**

- *De Wee ass net dee selwechten, et ass méi wäit.*
- *De Lycée wier méi streng.*
- *Fir de Lycée muss ee méi selbststänneg ginn, well een aner Bussen hëllt (et gëtt net méi een extra Schoulbus) an een d'Klassen wiessele muss.*

### **Steinsel (Cycle 3.2) – 28.06.2022 (17 Kanner)**

#### **Iwwergang an de Lycée?**

- Lycée, kennen verschiedene Optionen, auch dass man verschiedene Sprachen wählen kann.
- Lycée ist schwerer.
- “Gemixte Fächer”/ Transversales weniger.
- Muss een net op de Classique für Techniker/ Elektriker besser auf Technique (do muss ee manner gutt Franséisch können).

**Strassen – Centre de Logopédie (CL) – 14.03.2023  
(9 Kanner)**

Post-its	Diskussioun / Remarken
	Op d'Fro, wéi si sech den Iwwergang an de Lycée virstellen, huet ee Schüler gemengt "Lycée" kéint "ganz" oder "deelweis" ofgeschloss ginn.
	D'Schüler hunn erkläert, si géifen ab September an de Lycée goen, géifen hir Enseignante awer vermëssen. Si haten dës Enseignante ganz laang gehat.
	Ee Kand huet gemengt, et wier komesch, dass si op eemol am Lycée op lauter Kanner a Jugendlecher géifen treffen, déi hinne friem wieren, a kee méi géife kennen.
	Ee Schüler sot, hie géif scho Leit aus sengem Wonschlycée kenne, a géif sech dowéinst keng Suergen ëm de Lycée maachen.
Ich will noch länger als 15 Wochen bleiben.	Zum Zäitpunkt vum Atelier, haten d'Kanner nach 15 Wochen am Centre de Logopédie. Dës Schülerin wier gäre nach méi laang bliwwen.
Ich will ins Lycée, habe aber gleichzeitig wenig keine Lust auf diese neue Etappe. Ich freue mich neue Kinder kennen zu lernen.	Heirop hunn aner Schüler uginn, si géife sech op "cool Frënn" am Lycée freeën.
	D'Schüler hu bedauert, dass d'Mathé géif méi komplizéiert ginn, esou wéi aner Fächer an Hausaufgaben och. Ee Schüler huet awer gemengt, schwéier Mathé wier wichteg fir säi spéidere Beruff, z. B. um Bau.
	Vill Schüler haten Angscht, dass si géife vu méi ale Schüler gemobbt ginn, oder hinnen d'Geld géif geklaut ginn (dass si géifen erpresst ginn).
	Iwwert de Lycée wosst ee Kand, dass et fir all Fach en aneren Enseignant géif ginn, et hat awer kee vun de Schüler eng Meenung dozou.

	Als Beruffswonsch gouf öfters Polizist*in a Youtuber*in uginn.
	Ee Kand wollt vill verschidde Beruffer ausüben, wollt dohier vill Verschiddenes léieren.
	Déi meesch Kanner hate keng kloer Virstellung dovun, wéi eng Fächer si am Lycée wéilte wielen, bzw. wéi eng Fächer si op hiren Dramajob kéint virbereeden.
	Fir kënne Youtuber ze ginn, huet ee Schüler uginn, hie wéilt léiere Videoen ze dréien an dës ze schneiden.

### Strassen – Centre de Logopédie (CL) – 15.03.2023 (9 Kanner)

Post-its	Diskussioun / Remarken
Dat ass ganz normal.	Hei goung et dorëms, wéi si dat géinge fannen an de Lycée ze goen. Eisen Ateliers-Grupp huet aus Kanner vu ganz verschiddeenen Altersgruppe bestan.
Ech wéll och an de Lycée, ech weess awer net firwat.	
Ech wéll nach hei bleiwen.	
Am Lycée schafft ee méi.	
Am Lycée ass een éischter op.	Et géing, dësem Schüler no, an dem Lycée méi fréi ugefange ginn.
Et muss ee fréi hin, a kënnt ee méi spéit heem.	
Et muss een de Sall tauschen.	D'Fächer ginn a verschidde Säll gehalen, mee de Schüler hat keng Meenung dozou.
Et muss ee méi schaffen.	
Léiere fir e Beruff.	

	D'Hallschent vun der Klass huet gewosst, wou si wéilt an de Lycée goen.
	Ee Kand huet gemengt, dass d'Enseignanten am Lycée méi streng wieren.
	Ee Kand wollt Mechaniker ginn.
	Zwee Kanner wollte Polizist ginn.
	Ee Kand huet sech dorop gefreet am Lycée een eegene Schaaf ze kréien.
	Ee Kand hat Angscht am Lycée gemobbt ze ginn.
	Ee Kand hat Angscht sech am Lycée ze verléieren.
	Ee Schüler huet uginn, en hätt Angscht et géif méi Hausaufgabe ginn, an et misst ee méi schaffen. Dobäi kéimen dann och nach méi Tester, heiando e puer Tester d'Woch.
	Ee Kand huet sech dorop gefreet am Lycée kënne mat dem iPad ze schaffen.
	Eng Schülerin huet gemengt, et géif am Lycée eng Uniform ginn, a si wier och interesséiert fir eng Uniform ze hunn.
	Ee Schüler hat Angscht, am Lycée géif sech d'Kantinsesse verschlechteren.
	Ee Schüler huet uginn, dass hie, wann hien an de Lycée geet, wäert misse bei seng Tatta wunne goen, a vun do aus de Bus wäert hue- len.
	Op d'Fro, wéi si sech géifen op de Lycée virbereeden, huet ee Kand uginn, et hätt scho gekuckt, wéi et mat dem öffentlechen Transport dohi kënnt.

	Ee Kand huet uginn, am Lycée wölle Konscht ze maachen.
	Ee Kand huet sech dorops gefreet, an engem Labo können Experimenter ze maachen.
	Travaux pratiques an der Bio goufen och als interessant genannt.
	E puer Schüler hu gemengt, si wéilten sech op de Lycée virbereeden, andeems si sech d'Schoul am viraus ukucke géingen (Klasseräim, Schwämm, Labo, Sportshal).

**Warken – Centre pour le développement intellectuel (CDI) – 14.03.2023  
(7 Kanner)**

**Hues Du doheem schonn doriwwer geschwat, wat no der Schoul kënnt?**

- Ja (x2)
- Nein (x4)
- Eine Cola mit Eis

## 5.2. Alldeeglechen Iwwergang fir an d'Maison relais

### Bertrange (Cycle 4.1) – 06.07.2022

(14 Kanner)

- Maison relais: well d'Eltere schaffen, an et Spaass mécht
- lessen an der Maison relais
- Sport, lessen, an Aktivitéiten an der Maison relais
- Alldeeglechen Iwwergang vun doheem an d'Schoul

### Clervaux – Centre pour le développement intellectuel (CDI) – 17.03.2023

(9 Kanner)

#### Léieren op verschiddenen Plazen

**Wéi eng Ausfluch hu dir dëst Joer an der Schoul gemaach?**

- Op Esch bei d'Huskies
- Esch Schlittenmuppen
- Wir waren in Esch bei den Huskies
- Escher Schlittenmuppen
- Mir waren op Esch bei d'Huskien a mir haten vill Spaass
- Ging nach Esch zu den Huskies und waren sibirische Schalen zu sehen
- Esch bei de Muppen
- Mir waren op Esch Huskies besichen beim Herr Raphael
- Nein
- Mir waren op de Bauerenhaff

#### Hu dir an der Schoul u Projeten geschafft?

- Jo ech hunn a verschiddene Projeten geschafft
- Fossilien
- Fossilien
- Molconcours x6
- Ja den SCRIPT x5
- Stärke und Schwäche und Herausforderung x4
- Gefühlstagebuch x 3
- Net ze léien
- Net direkt schloen an aggressiv ginn
- Noriichten

- Land Luxemburg
- Sexualprojet
- Snoezeleck
- Meng Zukunft meng Stëmm

### **Wéi hues Du déi Projeten fonnt?**

- Ech hunn déi gutt fonnt an déi hu mir eppes bääbruecht
- Gutt, ech hunn se gutt fonnt
- Ich fand die Projekte gut, die haben mir auch etwas gebracht z. B. das Gefühlstagebuch, dass alle Gefühle gute Gefühle sind
- Ech hunn et gutt fonnt
- Find ich gut
- Gut
- Ich fand es cool, das Projekt, mein Gefühl hat mir hauptsächlich gefallen, weil ich habe verschiedene Gefühle kennengelernt
- Cool
- Ech hunn déi gutt fonnt an interessant
- Vill Aarbecht
- Gedold
- Léieren

### **Fënns Du et gutt 3 Jofferen ze hunn?**

- Ech fannen et gutt 3 Jofferen ze hunn
- Jo dat ass gutt. Sou kritt ee méi Hëllef, an si hunn méi Zäit fir eis ze hëllefen
- Ja ich finde es gut drei Lehrerinnen zu haben, so dass es in einem guten Rahmen bleibt, wenn wir nicht so viele hätten würden wir mehr Dummheiten machen
- Jo ech fannen et gutt
- Ja find ich gut, sonst wäre Chaos in unserer Klasse und ich hätte keine eins zu eins Betreuung
- Jo, vill Zeit fir eis
- Ich denke ja, weil wenn es nur eine/einer wäre, würde ich mich an die Regeln halten
- Ech fannen dat gutt, well eng ka gutt nolauschteren déi aner besser erklären a mir sinn zu 9 Schüler an der Klass an ass besser dräi ze hunn
- Ja und nein, awer 3 si mir ze vill

### **Fënns Du et gutt am Bësch ze léieren?**

- Ech fannen et net gutt am Bësch ze léieren
- Nein, weil kalt ist und die verschiedenen Geräusche stören mich
- Nee, well et ass kal

- Nee ech fannen et net gutt well et fiicht ass
- Jo dat ass gutt, sou léiert een och wéi an der Schoul hei. Am Bësch zu Reiler, do ass een dobaussen.
- Ja finde ich gut, wegen der Ruhe
- Jo
- Ja, ich glaube, ich mag Wälder ein bisschen
- Jo well een an der Natur sëtzt

### **Fënns Du et gutt an aner Raim ze goen fir ze léieren?**

- Ech fannen et gutt an engem anere Raum ze léieren fir meng Rou ze hunn
- Jo am Raum niewendrun, do kann ech alleng schwätzen an a Rou schaffen
- Ja, weil ich da meine Ruhe habe
- Jo fannen ech gutt, well dann man ech kee Quatsch mat deenen aneren
- Jo nicht immer in der Klasse in der Bank
- Ja ich lerne in einem anderen Raum um meine Ruhe zu haben
- Ja ich finde es gut so kann ich mich konzentrieren
- Dat war wann ech roueg léieren
- Draußen ist manchmal besser
- Nee well ech léiwer dobaussen léieren

### **Oberanven (Cycle 4.2) – 11.07.2022**

**(16 Kanner)**

#### **Kommentarer vum Notetaker**

- Wat sinn cool Momenter an der Schoul?
  - > Paus
  - > Schwammen
  - > Turnen
  - > Kolonien

### **Steinsel (Cycle 2.1) – 11.07.2022**

**(13 Kanner)**

*Beim Theema Iwwergang hu mir kuerz iwwer déi alldeeglech „Mikro“-Iwwergäng tëscht Schoul an Maison relais etc. geschwat, mee och iwwert den Iwwergang vun de Schüler vun der Spillschoul an déi „richteg“ Schoul. Et ware gemëschte Gefiller, mee si ware meeschters ganz persounenzentréiert oder orientéiert (z. B. glécklech well de neie Schoulmeeschter léif ass vs. traureg, well ech den alen Schoulmeeschter sou gär hat).*

Verschidde Kanner hu gesot, dass si net gären an d'Maison relais géingen an dass si sech do onwuel géinge llen. Si fannen, dass d'Disziplin do grouss geschriwwé gëtt an de strike Rhythmus gefält hinnen net. Op d'Fro hin, ob si an der Maison relais dann och eppes géife léieren, konnten d'Kanner sech ufanks net äusseren. Duerno huet awer ee gemengt, si géifen an der Maison relais Selbststän-negkeet léieren.

De Scoutismus gouf als eng aner ausserschoulesch Aktivitéit ernimmt, an datt do och iwwer an an der Natur geléiert géif ginn.

## **Warken – Centre pour le développement intellectuel (CDI) – 14.03.2023 (7 Kanner)**

### **Léieren op verschiddenen Plazen**

#### **Wéi eng Ausflich hu dir dëst Joer an der Schoul gemaach?**

- Eispiste
- Theater

#### **Hutt dir an der Schoul u Projeten geschafft?**

- Apps wie Anton, Sketchbook, Notability, Comic Life, Bitmoji, Green Screen usw)
- Wald (Waldpädagogische Aktivitäten)
- Lesen (Klassen Bibliothek)

#### **Wéi hues Du déi Projeten fonnt?**

- Ich finde die Projekte gut (**x6**)
- Wald und Bücher ja, iPad nein

#### **Fënns Du et gutt 3 Jofferen ze hunn?**

- Ja, weil es ist immer eine Lehrerin für mich da (**x6**)
- Ich will ausschließlich Arrancha

#### **Fënns Du et gutt am Bësch ze léieren?**

- Ja, weil wir draußen an der frischen Luft, weil wir anders lernen ohne Wochenplan

#### **Fënns Du et gutt an aner Raim ze goen fir ze léieren?**

- Ja, weil es Abwechslung bringt (**x2**)
- Nein, ich mag an meinem Arbeitsplatz bleiben (**x5**)

## 6. Theema ,Evaluéieren am Fondamental‘

### Belval, Kannercampus (Cycle 4.2) – 07.02.2023 (20 Kanner)

#### Épreuves communes

- Épreuven (épreuves communes) communes si schlecht (stressen zousätzlech, Drock vun den Elteren).
- Ech wëll, dass keng Épreuve commune méi gemaach soll ginn fir an de Lycée ze goen.
- Keine so großen Prüfungen.
- Keng Prüfunge méi.
- Ich habe ein wenig Angst, weil ich die erste in der Familie bin, die ins Lycée geht. Ich bin aber froh, dass ich meine Freundin habe.
- Ich habe Angst vor den Épreuven, weil Leute sagen, dass es schwierig ist und es ein großer Test ist.
- Am Lycée si vill méi Tester.
- Ech sinn stresséiert, well am Lycée gëtt et vill Tester an ech schaffen net gären doheem.

### Bertrange (Cycle 4.1) – 06.07.2022 (14 Kanner)

- Tester si stresseg. Angscht, dass wann een an der Schoul net gutt schafft een kee “gudde” Beruff kritt, Angschtzoustänn: mengen et misst ee stierwen, wann et net klappt. De Stress hält némmen op, wann den Test eriwwer ass.
  - > Verschidde Schüler verspieren en immensen Leeschungsdrock, an gesinn eng Dichotomie vu “Gudde Beruff” - “Nët gudde Beruff”. Et wier een och net zefritten, wann ee geléiert hätt an een den Test net gutt géing bestoën.
- Test-Stress, Positiivt Denken
  - > D’Schüler freeën sech wann si 60/60 hunn, an empfannen dëst och als schéint Erliefnis
- Test-Nervositéit

**Bertrange – Centre pour le développement des compétences relatives à la vue (CDV) (8-13 Joer) – 28.03.2023  
(3 Kanner)**

**Bewäertung**

Post-its	Diskussiouen / Remarken
An der Schoul kréie mir ABC Notten	Fir hiert Wëssen opzefréschen, eng Aart Tëschebilan. Ee Kand huet hei gesot et géif seng Leeschtinge net mat deene vun anere Kanner vergläichen, huet awer zouginn, dass et aner Kanner no hire Resultater freet.
Am 6. Schouljoer kréie mir och ABC Notten, awer och Prozenter	De Schüler krut erklärt, wéivill Prozent hie fir wéi eng “ABC Nott” bräicht. Hien huet och uginn, hie géif verstoen wéi d’Notten zustane kommen.
Ech hunn émmer Notte säit dem 1. Schouljoer kritt	Fir dass d’Enseignanten, d’Kanner, an d’Eltern kennen d’Entwicklung weiderverfollegen.
Wann ech A oder B kréien sinn ech a meng Eltere frou. Wann ech C oder D hunn, sinn ech a meng Elteren net frou.	Op d’Fro wat hien bei C oder D géif empfannen, huet hie gesot, hie géif heiansdo mengen, hie géif dat net packen.
	Eng Schülerin huet uginn, an der Schoul mat enger Nottescala vun 0 bis 15 ze schaffen, wou awer och den däitsche System (1-6) mat existiert. Si huet uginn, si géif gutt domat eens ginn, an huet gemengt, si kéint zwar bei enger Bewäertung froen, firwat si eng bestëmmten Nott krut, mee géif dorop awer keng Äntwert kréien.

**Clervaux – Centre pour le développement intellectuel (CDI) – 17.03.2023  
(9 Kanner)**

**Evaluatioun vu Kompetenzen**

**Wat sinn Deng Stäerkten?**

- Am Turnen
- Turnen
- Rechnen
- Plusaufgaben

- Plusrechnen
- Däitsch
- Deutsch
- Däitsch
- Deutsch
- Däitsch
- Culge
- Noriichten
- Danzen
- Flässseg
- Op een Oppassen
- Fillen
- Schnëssen
- Topesch sinn
- Gutt Witzer maachen
- Een aner domadder frou maachen an oflenken
- Gutt nolauschteren
- Éierlech sinn
- Déi richteg Froe stellen z. B. fir deng Ängschten ofzebauen
- No Hëllef froen, wann ech eppes brauch
- Kann gutt Hëllef unhuelen
- Gutt Fussball spiller
- Fussball
- Artikel schreiwen
- Vill Interessen
- Geschichten
- Gutt jéimeren
- Interesséiert u menger Ëmwelt
- Wëll vill wëssen a vill verstoen
- Gutt schlafen
- Franséisch
- Judo
- Hart schreien
- Schnell fueren
- Traktor fahren
- Arbeiten im garten
- Geld zählen

- Arbeite gut mit dem iPad
- Laufe schnell
- Schnell laufen
- Lafen
- Reiden
- Mat Päerd émgoen
- Reiden
- Wärend dem Cours net ze schwätzen, wann et net u mir ass
- Videos aufnehmen
- Lieb mit meinen Mitmenschen
- Molen
- Bastelen
- Kleeder undoen
- Dass ech mech zesumme rappen a mech u Reegelen halen
- D'Équipe motivéieren
- Zesummenhalen
- Freundlich
- Du erkenns déi schlëmm Situatiounen a riffs deng Kollegen zur Vernunft

### **Wat sinn Deng Schwächten?**

- Net gutt am Schreiwen
- Liesen
- Frech Wieder soen
- Andere zu ignorieren
- Mich in Mathe konzentrieren
- Minusrechnungen an Molrechnungen
- Rechnen
- Molrechnungen
- Minusrechnungen
- Zuhören
- Französisch
- Schreiben
- Sport
- Schlechter Verlierer
- Flunkeren
- Keen Sträit ze kréien
- Meng Launen net un aneren raus ze loossen

- Aggressiounen net richteg énner Kontroll ze hunn
- Reegen mech schnell op
- Ich kann kein Luxemburgisch sprechen
- Keine Geduld
- Hunn net esou vill Gedold
- Spazéieren
- Net ze falen – Gleichgewicht

### **Erkläert d'Léierin, wouranner s Du gutt, a wouranner s Du net sou gutt bass?**

- Jo déi erkläre mir wat ech gutt an och wat ech net gutt kann
- Ja die machen das, indem sie ragen stellen über den Tagesplan, wo wir mit gelb rot grün benotet werden und bekomme immer ein Feedback was ich gut oder nicht so gut gemacht habe
- Jo
- Ja die erklären es mir, mir wenn es nötig ist
- Jo
- Ja, die sagen mir immer was ich gut mache sowie was ich nicht gut mache
- Jo si erklären mir dat
- Meng Léierinnen erklären mir émmer wat ech gutt gemaach hunn an awer och wat ech schlecht gemaach hunn
- Heinsdo erklären d'Jofferen mir dat

### **Wéi fannt dir d'Reflexioun, déi mir freides maachen? (An der Schoul)**

- Déi Reflexioun ass gutt an helleft mir
- Gutt
- Ja finde ich gut, so habe ich ein Einblick über meine Woche
- Die Reflexion hilft mir zu wissen wie ich mich verhalten habe oder wa sich gerne gemacht habe währen meine Schulwoche
- Ech fangen dat gudd dass mir dei machen ech kréien meng Stäerkten an Schwächen nach eemol gesot. Kann mir Zieler setzen fir dei nächst Woch
- Ich finde es gut, weil so habe ich ein Überblick von meiner Woche
- So weiß sich was ich die ganze Woche gemacht habe
- Fannen ech gutt well dann kann duerch Woch kucken wei ech mech beholl hunn
- Et gefält mir wann ech een gudden Dag hunn
- Et geet, mir brauchen dat net
- Verstinn net wisou et wichteg ass

### **Fënnns Du de Verhalensplang wichtig?**

- Ech fannen et wichteg notéiert ze ginn

- Jo, well dat hëlleft mir déi aner net ze beleidegen an ze gesinn wat ech gemaach hunn
- Ja finde ich wichtig zu wissen, wie ich mich benommen habe
- Jo dat ass mir wichteg
- Jo
- Ich finde sie wichtig, um zu wissen wie ich mich benehmen soll
- Jo, deen ass wichteg fir mech
- Ech fannen et wichteg den Verhalensplang ze hunn, esou weess ech, wou ech dru sinn a verschiddenen Situations
- Nein ich finde das nicht so wichtig, weil ich mich sowieso benehme

### **Ass et wichteg fir Dech, bewäert ze ginn?**

- Et ass mir wichteg ze wëssen, wann ech mech gutt beholl hunn oder gutt matschaffen
- Jo, well ech kann dorauser léieren, wann ech giel kréien. Ech wöll némme gréng
- Ja sehr sogar, weil ich es brauche zu wissen wie mein Benehmen war
- Ja es ist mir wichtig, um zu wissen wie mein Verhalten am Tag war
- Jo
- Ja, so weiß ich, wenn ich mich gut benommen habe
- Jo dat ass mir wichteg, dann weess ech, wat ech gutt an falsch gemaach hunn
- Jo et ass mir wichteg ze wëssen, wéi ech mech beholl hunn
- Et ass mir am Fong egal mee ech hunn am léifsten gréng

### **Vergläichs Du Dech gäre mat aneren?**

- Nee ech vergläichen mech net mat anere Leit
- Nee, ech vergläichen mech net gär mat anere, mee ech man gären meng Kollegen no
- Nein
- Jo ech vergläichen mech mat aneren. Ass net sou cool fir mech, well da sinn ech verletzt a rosen.
- Ja e bëssen, ech kucken wéi anerer sech behuelen
- Jo
- Jo, well ech genau sou wöll sinn wéi déi aner
- Heinsdo jo, z.B mierken ech das den sech elo verhalen huet an keng Konsequenzen krut dann vergläichen ech mech mat dem Persoun
- Ich vergläiche mich oft mit Ricardo Montana ein brasilienschen film darsteller, ich vergläiche mich mit ihm wegen séin lachen und wie er so drauf ist

### **Wéi oft wëlls Du Feedback kréien?**

- Ech well èmmer ee Feedback
- Ech well èmmer ee Feedback
- All Stonn

- Jeden Tag um mich sicherer zu fühlen
- All Dag 1000 mol
- All Dag
- Am besten immer nach einer guten Aktion, aber auch anders
- Wann ech Saache gutt man a wann ech deenen aneren hellefen
- No all Aktivitéit oder Paus
- Ich empfange gerne gute Dinge, ich möchte öfters ein Feedback bekommen

### **A wéi ee Feedback?**

- Smileys, an mech luewen
- Du bass sou gutt fläisseg amgaang mat schaffen
- Wo man sagt, das hast du gut getan
- Dass man mich lobt
- Dat hues du gutt gemeet
- Das meine guten Aktionen belohnt werden mit ein paar Wörtern
- An dass een zu mir seet, dass ech dat gut gemaach hunn
- Du hues dat gutt gemaach
- Ich möchte gerne, dass jemand mir verbal sagt oder auf die Schulter klopft und mich lobt
- Dass ee Merci seet
- Positiven Feedback am besten
- Cool, weider esou, stolz op dech
- Ech si stolz op dech
- Maach weider sou
- Wie am Fussball, wann ech gutt spinnen oder Aktioune maachen, gëtt ee Feedback mir méi Vertrauen an Selbstbewosstsein

### **Helleft Dir de Feedback, fir besser ze léieren?**

- Helleft mir besser léieren
- Ja das gibt mir Vertrauen in mich und Selbstbewusstsein
- Jo dat helleft mir
- Ja das hilft meinem Selbstvertrauen
- Jo
- Ja es hilft mir an mich zu glauben
- Jo, wann ech gutt Saache gesot kréien, kann ech gutt léieren
- Jo kloer helleft mir dat.
- Jo dat helleft mir gutt, awer net émmer, well heiänsdo sinn ech ofgelenkt

## **Wéi muss fir Dech eng perfekt Joffer/ee perfekte Schoulmeeschter sinn?**

- Een Lehrer, dee mir nolauscht, dee mir hëlleft
- So wie hier, meine Lehrer machen gute Arbeit und sind hilfsbereit
- Hilsbereit eine Referenzperson
- Jemand, der für mich da ist, wenn ich ihn brauche
- Dass d'Joffer émmer fir mech do ass, och wann ech Schäiss man
- Dee muss do sinn wann ech e brauch
- Dee mir gutt Erklärungen gëtt an deen eng Referenzpersoun ass
- Léif
- Lieb sinn
- Léif an dass si net meckert
- Bëssi streng wann ech Quatsch man
- Meng Jofferen meckeren mat mir wa mir Blödsinn maachen
- Vill mat mir schwätzzen doriwwer wat ech ma muss
- Fir mech ass all Lehrer gutt, well et kann ee sech jo net vergläichen
- Nicht frech
- An den Aarm geholl ze ginn
- Luewen
- Tréischten
- Cool Saachen mat eis maachen
- Der gut unterrichtet

### **Dudelange (Cycle 4.1) – 29.03.2023**

**(13 Kanner)**

#### **Evaluatioun**

- Et mécht een Tester fir ze kucken, ob ee prett ass fir weider ze goen.
- Et hëlleft, wann d' Jofferen d'Evaluatioun erkläert, mëndlech a schréftlech, dat ass dat wichtegst.
  - > Si wëllen keng aner Form vu Bewäertung (z. B. mat Faarwen)
- Punkte si besser wéi A, B, C
  - > Déi meescht fannen dat och, mee puer fannen och Buschtawé besser.
  - > E Kand fënnt gutt, wann Notten a Buschtawen zesumme geholl ginn fir ze bewäerten.
- Blitz-Tester si net gutt, well et ass een net prett.
  - > D'Kand, wat dat sot, wëll sech léiwer préparéieren fir eng Prüfung.
  - > Wéinst dem Stress wësse si Saachen net méi während dem Test, déi se normalerweis awer wëssen.
  - > Si man sech Stress, hunn Angscht eng schlecht Nott ze kréien a kréien dann gär e Blackout.
  - > Wa si sech doheem préparéieren, wësse se vill méi.
  - > Si haten bis elo awer nach net vill Blitz-Tester.

## Bilan

- De Bilan ass kee Stress fir si, et ass net wierklech eng lwwerraschung, wat do kënnt.
  - > Mee vläicht huet d'Joffer eng aner Opfaassung vun de Leeschungen, wéi si selwer
  - > Et ass nach relativ onkloer, wéi si zu deem Theema stinn.
- Bilansgespréicher: Verschiddener wëllen dobäi sinn, anerer iwverhaapt net.
  - > E Kand seet et ass heiansdo gär dobäi, fir Luef ze héieren, mee net gär, wann et Kritik kritt.
  - > Beim leschte Bilan vum 4.1 mussen se dobäi sinn, do geet et schonn em d' Orientatioun fir spéider, anescht mussen se net.

## Echternach (Cycle 4.2) – 13.07.2022 (14 Kanner)

### Firwat ginn et iwverhaapt Tester?

Post-its	Diskussioun / Remarken
Et ginn Tester fir ze kucken, ob mir geléiert hunn, a fir ze kucken, ob mir d'Theema verstanen hunn.	Fir hiert Wëssen opzefréschen, eng Aart Të-schebilan. Ee Kand huet hei gesot et géif seng Leeschtinge net mat deene vun anere Kanner vergläichen, huet awer zouginn, dass et aner Kanner no hire Resultater freeet.
Fir ze kucken, ob mir Classique, Général, oder Modulaire ginn.	D'Tester wieren fir d'Orientatioun wichtig, net némmen fir de Choix vum Lycée, mee och fir seng eege Stäerkten kennen ze léieren.
Fir eis selwer, fir dass mir wëssen, ob mir gutt genuch geléiert hunn, a fir ze kucken ob mir ons verbessere können.	Fir dass d'Enseignanten, d'Kanner, an d'Elteren kennen d'Entwicklung weiderverfollegen.
Fir de Bilan, fir eis, fir d'Elteren.	Fir ze kucken, ob de Socle aarecht gouf.

## Wéi vill Prüfunge fénns Du gutt?

Post-its	Diskussioun / Remarken
Franséisch: 6 Prüfungen d'Joer. 12 Kapitel = 2 Kapitel pro Test	Däitsch: Hei hu verschidde Kanner gemengt et wieren net esou vill Prüfungen néideg, wéi am Franséischen, well manner Programm ze verschaffe wier.
Däitsch: 4 Prüfungen d'Joer, mir hunn net vill ze maachen.	D'Kanner waren sech hei net eens, well Verschiddener gäre méi Prüfungen gehat hätten wou si Kapitele getrennt kéinten nokucke also 1 Test pro Kapitel fir net duercherneen ze ginn. Si wollten sech hir Zäit kënne selwer andeelen fir manner Stress ze hunn, an nöt émmer fir Prüfungen léieren.
Mathé: 6 Prüfungen d'Joer. 12 Kapitel = 2 Kapitel pro Test.	D'Kanner hu gemierkt, dass si verschidde Besoîne hunn, wat d'Prüfungen ugeet (vill Klinger vs. wéineg Grousser).
Geo: 2 Prüfungen, et ass genuch well mir net esou vill maachen.	Se hunn och no énnerschiddlechen Test-Typen gefrot.
Geschicht: 3 Prüfungen. 1 Test, 2 Plakater	Ausserdem hu se beim Theema 'Prüfungen' an och bei anere Sujeten émmer nees gefrot: Wéi mécht een dat do am Lycée?
Bio: 3 Kapitelen = 3 Tester	

## Wéi fénns Du, dass Tester solle gemaach ginn? Wat wier fir Dech en idealen Test?

Post-its	Diskussioun / Remarken
Méi kleng Tester	Méi oft Tester, mat manner Material
1 klengen Test pro Woch	Och mat Textanalys, et gouf proposéiert en Text vun enger Säit, mat 1-2 Froen pro Abschnitt
Mat Biller, schréftlech	D'Opmaachung ass hei als wichteg empfonnt ginn, den Test soll och e bësse Spaass maachen, Biller géife motivéieren

**Esch-Alzette (Cycle 4.1) – 02.03.2023****(12 Kanner)****Tester & Hausaufgaben**

<b>Post-its</b>	<b>Diskussioun / Remarken</b>
<b>Tester</b>	
Besser d'Notten vun deenen aneren net ze gesinn	Hei wünschen sech d'Kanner, dass si d'Notten vun deene anere Kanner net solle gesinn. D'Konkurrenz, déi doduercher géing entstoen, dass si se gesinn, fanne si belaaschtend.
Keng Evaluatioun am Joer → just e schréftleche Feedback + Notten	D'Notten déi am Laf vum Joer verdeelt ginn, fannen si belaaschtend. Dofir wünschen se sech am Laf vum Joer just e schréftleche Feedback an d'Notte géifen se réischt um Enn vum Joer gewuer ginn um Bilan.
Bilan fir d'éischt mat de Kanner beschwätzen	Ier de Bilan mat den Eltere beschwat gëtt, soll en fir d'éischt mat de Kanner selwer beschwat ginn.
1 Test/Woch ass ze vill → all 2. Woch	
Portfolio a Bilan →+	An dëser Klass stellt all Kand beim Bilansgespräch och säi Portfolio den Eltere vir. Dat fannen d'Kanner gutt, well een sou besser erklären kéint, wat een alles geléiert hält an kéint.
Drock (Notte eemoleg)	Eng schlecht Note ass fir verschidde Kanner aus dem Grupp belaaschtend, well se oft d'Gefill hunn, dass si dat net méi gutt kenne maachen.
Konkurrenz	
Keng Evaluatioun	De Grupp war net unanime fir oder géint eng Evaluatioun. Si waren sech awer eens, dass d'Notten am Laf vum Joer fir si en ze vill groussen Drock duerstellen.
<b>Hausaufgaben</b>	
Ausfluch an duerno HA	D'Kanner begréissen et wann ausserschoulesch Aktivitéiten organiséiert ginn (Ausfluch). Si fannen et awer net gutt, wann den Ausfluch doheem nach muss verschafft ginn énnert der Form vun enger Hausaufgab.

Extra Zäit an der Schoul fir Hausaufgaben	D'Kanner géifen et gutt fannen, wann se an hirem Horaire och nach Zäit hätten fir hir Hausaufgaben an der Schoul ze maachen.
Just fakultativ HA an der Vakanz	
Keng HA!	De Grupp war unanime der Meenung, dass e keng HA fir doheem wëll.
Wocheplang	Wann HA müssen sinn, dann soll jiddereen déi kënne maachen, wann et fir hie passt. Dofir wënschen se sech e Wocheplang
Appui ass gutt	

### Firwat ginn et Tester?

- Fir ze wëssen wat mir geléiert hunn.
- Fir ze wëssen wat mir kennen/net kennen.
- Fir ze wëssen, ob mir prett sinn fir an de Lycée.
- Fir dass d'Joffer weess, ob dat wat geléiert ginn ass, verstanen ass oder net.

### Wat fannt dir net gutt un den Tester?

- Wann mir schwéier Saachen gefrot ginn, déi mir net verstinn.
- De Verglach vun de Notten mat anere Schüler.
- Nervositéit féiert dozou, dass ee während dem Test alles vergësst, obwuel een dofir geléiert huet → eng Method ass do zum Beispill een "Pre-Test" doheem ze maachen fir den Test ze üben.
- Wéilt gären am viraus wëssen, wat am Test gefrot gëtt.
- All Woch mëttwochs een aneren Test ass zevill, aner Proposen waren: all zweet Woch méindes, all zweet Woch freides.
- Keen Test nom Sport, well da si mir midd.
- E Kand sot keng Notten während dem Schouljoer mee réischt zum Schluss vum Joer eng Nott am Däitschen, Franséischen an an der Mathé → wann ee schonn een Test kritt mat enger schlechter Notte, dann ass et geschitt an et kann een et net méi réckgängeg maachen, dofir léiwer just eng Notte zum Schluss.
- Eng aner Iddi war et virun all Vakanz ze soen, wéi ee geschafft huet (mat Notte).
- Alternativ zu A ,B ,C , D kéint een och faarweg Stempele kréien oder ee Schüler huet d'Iddi mat enger Angab an Pourcentage gutt fonnt.
- Sechs Kanner géifen et gutt fannen, wann d'Joffer just een Text op den Test géif dropschreiwen, wou drop stéing, wat gutt war a wat si nach méi misste léieren.

- Anere Kanner geet den Text net duer, si wëllen eng Notte um Test stoen hunn fir ze wëssen, wéi gutt si geschafft hunn. Mat A, B, C, D weess een besser, ob ee gutt geschafft huet, wéi wann een némmen e schrifftlechen oder mëndlechen Feedback kritt.

### Zum Bilan

- Wat am Bilan kënnt ass eng Iwwerraschung fir d'Kanner. Si wéilte gären virun den Elteren gewuer ginn wat drasteet.
- Den Elteren de Portfolio presentéieren, fannen si eng gutt Saach an och, dass si derbäi sinn beim Bilan, well da kënne si hiren Elteren och an enger anderer Sprooch erklären, wat si an der Schoul geschafft hunn.
- Si fannen dat och gutt, dass ee sech verschidden Aufgaben eraussicht an een dann vu Bilan zu Bilan kucke kann, wéi een sech verbessert huet.

### Zu den Hausaufgaben

- Et ass gutt, dass wann een an der Schoul net genuch geschafft huet, dann muss een et doheem färdeg maachen.
